Th.G.Verlag Esch St.Henri
1953 Nr.4

# D'Zauber Flütt.

Märchen no Bechstein a 6 Biller v.Br.H.Rock ofm.
Musek v.P.Draut,Organist Esch S.Joseph

Perso'nen:

Kinigin,
Prönz,
Prinzessin,
Narr,
Kanzler
en Engel
Den Deiwel
Jenny,en Hirt,
Kättchen,en Hirdemédchen,
de Seneschal,
Ritter,
Pagen,
e Wirt,
e Kellner,
e Schauspiller,Sänger,
en Holzhaher,
eng Héschefrâ,
en âlen Hirt,
8 Elfen,
4-6 Zwergen,
3 Gäscht an der Wirtschaft
3 Médercher " "
e Cho'er(hanert der Bühn)
e Kannercho'er f.Reigen
Sänger,
Edelleit,
Vollek,
Musikanten.

('t ass net ze erschrecken iwert d'Zuel vun de Rollen,well de' mésch können 2-3 Rolle mâchen.)

Szénerie:

1.Bild: Tro'nsall. 2 Fotellen, de' eng ass schwarz verhângen. e Kronlîchter,wo' én d'Lûchten eng no der ânerer kann ausdre'en.

2.Bild: Plâtz am Bösch. Riéchts muss eng Bîrk,a lenks eng Bich.

3.Bild: Am Schlasshaff- An der Mött muss en Hiwel sin.

4.Bild:Böschwiss - Ongefe'er an der Mött muss d'Flütt begruewe sin

5.Eng Wirtschaft - 't ass Kirmes.

6.Tro'nsall, we'am e'schte Bild.

## I.Bild

Hofleit,Kanzler,Narr,

(D'Hofleit,Dammen an Hèren sin zur gro'sser Audienz versammelt,wann de Vorhang opgét könnt de Kanzler als lèschten grad eran)

Kanzler:Dir Dammen,dir Hèren, fir 't e'schte Ke'er,seit dem Do't vun eisem vere'erte Kinek,sin mir all versammelt em d'Stufen vu sengem Tro'n.Mir erwarden eis le'f Kinigin.Sie wöllt haut, an hei,d'Kinekswahl vollze'hen.(Kurz Paus,dann erregt Tuschel énzel Stömmen gin me' hart)
1.Herr:Ah! - wié soll et gin? Wién tröft et?
Narr:Watt eng domm Frô! - Dé Verke'erten,natirlech!
2.Herr:Ech setzen op de Prönz!
1.Damm: Jo, de Prönz!
Narr:Bestömmt héscht et:Gardez la Dame! a: Schach dem Kinek!
(Lachen)
E Pur:Vive eis Kinigin!
Narr:De' âl?oder mengt dir schon de' nei?
3.Hèrr:Hâl de Mond,Narr!
Narr:Wann d'Narren all de Mond hâlen, da sin ech secher derbei!
1.Hèrr:Ge'f eiser Herrgott,datt d'Prinzessin Dausendsche'n Kinek get!
Narr:Amen! Wann sie de Fuedem vun der Herrschaft spönnt,da wöll ech ganz gèren d'Knélen hâlen.
('t he'ert én dobaussen Claironsignal)
Kanzler:Ro'heg ewell. Lôsst dât hin an hir,eis Kinigin könnt!

2.Szén Vireg,Kinigin,Prönz,Prinzessin,2 Pagen, en Zaldot.

(Sie kommen eran,schwarz geklédt.Fir 't e'scht den Zaldôt,dann d' Kinigin,2 Pagen droen d'Schlepp,durno de Prönz an d'Prinzessin. A feierlechem Zug gin sie bei den Tro'n,d'Kinigin gét op,sötzt sech Prönz a Prinzessin bleiwen önne stoen,d'Pagen stellen sech op d' Seit.
Hofleit(Mat der ne'deger Reverenz:):Vive,vive eis Kinigin!

Kinigin(stét op):Léch allegur,den Edlen,de Ritter an de Vasalen,dem Rôt,gölt eise Gro'ss. - Dir wösst dé gro'sse Kommer vun eisem Hèrz.Verwaist ass schon seit Me'nt den Tro'n vun eisem Reich. De' ganz Zeit hun ech zo'bruecht am Gebiédt,mat mengem Herrgott ganz eleng,datt Hié mir soll soen,wién vun eisen 2 Kanner,de' jo,we' dir wösst Zwillenge sin, zum Herscher ausersinn ass.

::Den Herrgott sto'ng wuel nach ömmer um Ufank vun all Herrschaft, leider huet Hién sech derno gewe'hnlech ânre Sâchen zo'gewandt.

lôt:Mond gehâlen, Narr!

...nz:Matt aller Ehrfurcht,dach mat festem Sönn,trieden ech,Mamm,virun dech hin.Ech furderen,als énzege Kinekssonn,mei Recht op mengem Papp sein Tro'n.

Stömmen:Vive eise Prönz! - Vive eise Kinek!

Narr:A wann d'Prinzessin d'Kro'n da krît - da ge'ft dir grâd eso' ruffen.

Prinzessin:E'ers du Stömm a Kro'n vergöss,Mamma,he'er de',de' dir als Duechter le'f ass. - De gleichen Dâg sia mir geburen,durfir hätt ech dât gleiche Recht. - - Dach jidderén am ganze Reich dé wés, datt ech fir 't e'scht hun d'Dâglîcht gesin....
Leit durfir mei Recht net sonneklor?

1.Hèrr:Sie ass d'Kinigin,ganz offenbar!

Stömmen:Vive,vive eis Prinzessin Dausendsche'n! Vive eis Kinigin!

Prönz(ste'sst mat de Fe'ss a mat seng Schwert op de Buedem):Ech ruffen d'Männer op! - Wié vun iéch wöllt sech dann virun engem Frâmönsch becken?

Prönzessin:Rauh ass de Mann, mä d'Frâ ass le'f!

Prönz:Lôsst iéch durch Schmécheleien net verfe'eren! Eng Frâ als Kinek? Huet én dât da jé schon he'eren?

Narr:De Prönz dé rifft mir vill ze vill d'Männer--- awer de' hun dach nömmen Aen fir d'Prinzessin!

Kinigin(de' sech erem gesât huet):Kanner,streit iéch net,a lauschtert. Dât ass en Zwist dén ech net schlichte kann.Awer hönt hât ech en Drâl,dén huet mech op de richtege Wé bruecht.

(lues Musek) Melodram:

Ech hu geschlôf,du huet gedélt sech d'Wand,
De Kinek,ère Papp,dé war nés hei,
An eng sche'n Blumm de' hât hién an der Hand
We' nie ech eng gesin. - - Vu Bliéder drei
Stin we' e Kreiz,we' donkle Purpur ro't,
A matten dran eng Dröps so' gölde klôr.
We' du de Pappa mir de' Blumm och go'f,
De' gro'ss a friém,a we' en Zepter war,
Du lächelt hién a sôt:"'t ass d'Herrschaftblo'm,
An dén se föndt - - dén îrwt den Tro'n."

(D'Musek hält op)

Huet dir verstâne,Kanner?

Prönz:De Sönn ass klôr. - Mir sichen se am Bösch.

Prinzessin:A brengen dir se geschwönn.

Prönz:Nömmen én kann de' sche'n Blumm fannen.

Prinzessin:Ech biéden zum Herrgott,dén hölleft mir secher.

Prönz:Ech mengen awer,gudd a scharf Aen,de' wire besser we' e stonnelângt Gebiédt.

Narr:Wién d'Blumm föndt,den Tro'n îrwt,an d'Kro'n setzt op,
Dé kritt meng Narrekâp nach uewendropp.

Kinigin:Also Kanner,ech gesin dir huet mein Drâm richteg verstânen. Durfir sicht elo d'Blumm,dén se föndt dé soll am ganze Reich als Kinek ausgeruff gin. - Weil ech eso' eng wichteg Sâch net an d'Längt gezuge wöll wössen,durfir sollt dir iéch gleich haut nach op d'Sich mâchen. - Huelt de Böschwé. - Du mei Jong gés lenks, an du Dausendsche'n riéchts. Ech wönschen iéch allenzwé vill Chance.

Kanzler:Eso' soll et sin! - All Respekt virun der Klughét vun eiser Kinigin. D'Audienz ass aus.Biédt allegur den Herrgott datt Hién d'Wahl zum Gudde wende soll.

All: Vive,vive, eis Kinigin! - Vive eisen zukönftege Kinek!

Kinigin:Dajé Kanner,da gitt elo ère Wé, mei Segen huet dir,an d'Himmelsmamm soll iéch hiren och net virenthâlen.

Narr:Den Narr lo och e Röt nach huet:Fir Schong a Suelen ass et schued, Wöllt dir fir Blummen sie verlâfen,De' könnt dir och beim Gärtner kâfen.(Alles lâcht,d'Kinigin gét vum Tro'n,den Zug bewegt sech,iwerdem fällt de Vorhang

II.Bild E Bösch, an der Sonn.,lenks deischtere Bösch 't he'ert én d'Viggel peiffen,d'Bâch plätscheren asv. D'Prinzessin könnt vu riéchts,sicht Blummen,beckt sech dann ent wann bleiwt alt emol stoen,kuckt no uewen asv.)

1.Szén Prinzessin eleng)

Prinzessin:Hei, kuck emol elo,(weist hannert d'Bühn) E Wisel léft iwer dé Wé! - - E Kawéchelchen sprengt am Bliéderdâch . - - We' schaimt a rauscht dach d'Bâch! - - An d'Villercher sangen eso' sche'n! - Oh! - elo drenkt gard e Re'h bei der Breck! - An d'Blummen necken dausendfach. . . . . . Mä, ech hu jo keng Zeit fir all de' Sche'nhéten - ech muss mech becken - - soll jo de' sche'n Herrschaftsblo'm plecken.- - - - De' domm Blumm! - - Kuck we' sche'n de' looo âner Blummen hei ble'hen.- Wurfir ass sie net derbei?-- - Ach wât, ech fannen se jo dach net! - Elo bannen ech mir emol e sche'ne Kränzchen fir a mein Hohr. - Dech Margre'dchen plecken ech - an dech sche'n Viélchen.- dech blô Vergissmeinnicht! - - Mä, wât ass dann dât elo? (schreckt zreck): Gesinn ech richteg? - Ass dât net de' ro't Blumm,de' meng Mamm am Drâm gesin huet? - 't ass se! - 't muss se sin! - De Still ass rauh a krâtz a pickt! (jauchst vu Fréd.) Jo, 't ass Blumm! 't muss se sin! 't ass jo just d'Form vum Pappa sengem Zepter! - - Jo, Kinek sin ech,wann ech se an d' Hand huelen. . . . Elo muss ech awer emol se'er bei d'Bâch goen,fir mech sèlwer als Kinek dran ze gesin!(lâcht) Elo kann ech vu mir sèlwer sangen,wât ech als Kand ömmer vun Kinek Drosselbart gesongen hun: (Musek)

Dé sche'ne Kinek Drosselbart  
Dé war ganz arm,we' war dât hart!  
E Kränzchen dât war him seng Kro'n,  
E Stéko'p dât war him sein Tro'n!  
Eng Blimchen huet missen sein Zepter gin,  
Eng Wiss huet missen sei Kinekreich sin.  
Wösst dir och wién Arme' him war?  
Dât war de' schnaddereg Gänseschâr!  
O jo,de Kinek Drosselbart  
Dé war ganz arm,an dât war hart!

(Lâcht a sprengt bei d'Wâsser we' e klengt Kand):Elo,Wässerchen,hâl emol stall! datt d'Prinzessin Dausendsche'n sech an dir gesäit.(neckend): Bonjour,Prinzessin Dausendsche'n!...Mir hun eis ewell lâng net me' gesin. - - Mä, wât soen ech? Prinzessin blo's? - D'Kinekskro'n ass mir dach haut an de Scho'ss gefall. - Natirlech, dât wöllt mir net richteg an de Kapp eran: Kinigin! - Kinigin? - 't siéf dann, fir én Dâg wöll ech et sin. - - eng Kinigin ka jo mâche wât sie wöllt. - - E sche'nen Dâg könnt jo dach e sche'n Prönz dé mech freit, an da verschenken ech Kro'n,Zepter,Mantel a Kinekstro'n, - Mei Brudder ka jo dann Kinek gin. . . - - Dach,ech sin eso' midd vun dem ville Gebecks,elo gött sech emol eng Plätzche gesicht fir e we'neg ze schlôfen.(gét zimlech an den Hannergrond ~~riéchts~~)?^Hei léen ech mech hin. Komm Schlôf,dreck d'Aen mir zo' a lòss am Drâm mech Kinigin sin. (lét sech hin, d'Blumm op der Broscht)

2.Szén, Vireg, Elfen

(Wann d'Prinzessin en Ableck leit kommen d'Elfen v.riéchts er..

Elf: Hei,kuckt,Schwöstercher,elei leit jo d'Prinzessin Dausendsche' vun dèr eis Kinigin erziélt huet.

Eng âner:Kuckt,emol wât fir eng sche'n Blumm hält sie eso' fest an der Hand?

Eng 3.(ass me' noh gangan):Jo, 't ass d'Herrschaftsblumm!

Eng 4. : Dann ass d'Prinzessin elo Kinek v.ganze Land!

1.Elf: Durfir mâche mir hir elo och e sche'ne Reigen.

All: O jo!(Fâssen sech un den Hänn, d'Musek setzt an)

Schlôf Prinzessin,schlôf du fein!  
Kinigin,drém se'ss derbei!  
Mir Elfen dir lächlen,  
Dir danzen,dir füchlen,  
Schlôf dach blo's,schlôf nömme fein!

2. Schlôf,hâl d'Blumm fest an der Hand/ Sie ass d'Herrschaft jo vum Land/ Schlôf ro'eg Prinzessin./Dein Zepter soll d'Blumm si  
Schlôf dach blo's,Schlôf nömme fein.

(ge'nt Schluss vum Reigen he'ert én den Holzhaer schaffen, d'Elfen danzen de Reigen ferdeg,lauschteren dann no lenks - den Holzhaer hät extra fest - a lafe fort)

3.Szén.

Prinzessin,Prönz,Holzhaer.

(de Prönz kont vu lenks,d'geseit én datt e rosen ass, e käppt all Blumen de' e föndt.)

Prönz: Neicht, an erem neicht! Ro't Blummen,weiss Blumen,Blummen vun alle Farwen - nömmen de' eng net.--- Menger Mamm hiren Drâm stâmmt secher aus der Hell,dreimôl verflucht soll hién sin! ('t he'ert én d'Axtschle' ganz nô,de Prönz kuckt zur Kulliss eraus a rifft) Hé Frönd! E Moment! Wölls du mer net e Gefâlen machen! (d'Axtschle' verstommen,den Holzhaer erschengt an de Kullissen) Hues du nie hei am Bösch eng Blumm gesin de' ausgeseit we' en Zepter?

Holzhaer:Ech sin en arme Mann,watt gi mech d'Blummen un, ech sin dach ké Mëdchen dät Blumme pleckt. Watt net ze iéssen ass dât wisst net fir mech arme Mann.(en hét virun,awer d'Schle' gin ömmer me' weit ewég)

Prönz:(be's) Lidderege Fre'sser! Dât ass gudd gesôt, wat én net iésse kann dât wisst net fir en arme Mann.

4.Szén.

Prinzessin.Prönz an Héschefrâ.

Héschefra:(könt vu lenks vir a sengt)

D'Welt de' ass dach blo'ss erschâfen
Fir ze schlôfen,fir ze schlôfen!
De Schiét vun de Bémen lued an iéch zum Drémen,
Zum schlôfen,zum schlôfen,zum schlôfen!

Prönz:Eng gelunge Giédel!Hé Joffer! Dir könt derno viru sangen. Sôt mir elo emôl,huet dir hei am Bösch nach keng Blumm bege'nt de' d'Form vun engem Zepter huet?

Héschefrâ:(sengt virun)

Ech sôn dir't jo,ech sang'n dir't jo:
D'Wiss de' ass zum Schlôfen do.
Kann ech vleicht am Schlôf gesin
Wât fir Blummen em mech stin.
Ge'h schlôfen, ge'h schlôfen, ge'h schlôfen!

(ass schon of)

Prönz:(rosen)Päck! - Ah wart,loss mech emol Kinek sin,dann erliéwt dé Krôm e blôt Wonner.

5.Szén.

Prönz,Prinzessin,en âlen Hîrt.

('t he'ert én eng kleng Schell,en Hond billt kurz,e puer Te'n op enger Hirtepeif,da könt den Hîrt lenks an d'Kullissen)

Prönz:Aha,nach eng Hoffnong. En Hîrt. Dé misst dach wössen op hei eso' eng Blumm ze fannen ass.

Hirt:Flocki bei Fo'ss! - Verzeiht Här,'t ass e geckegt De'er, Hié billt vill awer e beisst net.Hién ass de Frönd vu Mönsch an De'er.

Prönz:Lauschter Hirt,ass net hei erömer eng Blumm ze fannendo' ausgeseit we' en Zepter?

Hirt:Oh Här,do kann ech iéch neicht soen. Ech sin haut ere'scht fir d'e'scht an deser Ge'gend,durfir kann ech iéch leider net zu Dengschten sin.Flocki komm! (verschwöndt,'t he'ert én we' d'Hèrd weidergedriwe get)

Prönz:)höhnog) Wann alles schweigt,a ké mir eppes soe kann,da bleiwt mir nömmen nach é Wé op: Ech muss op den Herrgott hoffen! (an dém Moment e kräftegen Donner) Ah,dé mecht och en deischtert Gesicht.- Oh ze' dech nömme ro'eg zo' Himmel,ech brauch dech net!Siéf och du verflucht!Jo,och du! (stong bis elo ziemlech vir,lenks,kann hin an hir goen,awer ömmer eso' datt hién d'Prinzessin net gesin huet,elo gét hién bei dém folgende Sâtz me' riéchts bis hién d'Prinzessin mat der Blumm föndt)

't wèrdt jo alt goen we' ömmer! We' ech et geahnt hun.... meng Schwöster de' föndt d'Blumm! .... Firwat hun ech och misse lenks goen..... awer Kinek muss ech gin! .... An ech gin et! (geseit d'Prinzessin do leien) A wât? - Hei leit se jo ze schlôfen.... an sie huet d'Blumm.(gét ganz no kucken)

Jo 't ass se, - We' soll dât endegen(Wandsto'ss,en donklen To'n we' eng Mönschestömm braust durch de Bösch,de Prönz stellt sech önnert de Bâm) 't get deischter! - - - Wién rifft. - Wién huet elo geschwât?

Deiwel:(hannert der Bich),mat deischterer Stömm.De' ganz folgend Szén ass als Melodrâm gehâlen)
Miérk dir Mönsch datt's du et wés,
Vun der Bluttbach sin ech de Gésoht,
Trötts du a mei Schiéd eran
G'sin de'f ech an dein Herz eran.
(schaureg)
Huel d'Blumm - a sô wir deng.

Engel:Ech si vun der Birk den Hellichte Gésoht,
Mach net wât den dô dech hésoht.
Huet deng Schwöster net voll Vergrauen
Zum Schlôf sech geluegt? - An du solls trauen...?
(me' douce)
Oh re'er,re'er se net un.

Deiwel:Dommt Geschwätz! Siéf du e Mann!
Huel hir d'Blumm! Huel hir d'Blumm!
Dein ass Reich a Kinektum.

Prönz:Follgen ech dir da gi meng Dôten
Durch menger Schwöster Mond verrôden.

Deiwel:(schauereg)
Folleg,folleg,kuck net em,
De' Do'deg kommen net erem.

Engel:(ergraff)
Oh,datt et eso' eppes get.
Oh folleg net, oh lauschter net!
Deng Schwöster ass eso' gudd....

Deiwel:Huel hirt Blutt! Huel hirt Blutt!

Engel:We' huet sie dach mat dir gespillt,
Sie ass der Mamm hirt Gleck,
Weich! Oh weich dach zreck!

Deiwel:Feig ass wié weicht!
Sto'ss zo'! Sto'ss zo'!
Dann ass dein Ziel errécht,
An du hues Kineksro'h!

Prönz:Ech kann net - - 't ass net lîcht!
E'weg g'se'ch ech hirt Gesîcht!

Engel:Wölls du s'am Schlôf ermuerde können?

Deiwel:Soll deng Schân dech e'weg brennen.
E'weg och de' beissend Rei?
Hei mecht Mutt eleng dech frei!
(me' scheureg)
Bass du zum Herrscher vleicht ze schlecht?
Sto'ss zo'! Sto'ss zo'!
Ere'scht dann ass Ro'h!

Prönz:Ech zum herrschen ze schlecht?
Meng Schwöster de' e'scht?
An ech ke'm fir d'lescht.

Deiwel:(schaureg)
't kascht blo'ss en Ha an e Stech!

Engel:Kuch se lächelnd un hir Mamma denken,
Kanns deng Mamm du wirklech kränken?

Deiwel:Wa kén't geseit a kén et wés....
Du zauders nach an dre's e Schwert?
Eng Schân, du bass der Kro'n net wert.

Prönz:(mat plötzlechem Entschloss)
Ech mân et..... (se'er bei d'Prinzessin,e Krésch)

Engel:Oh! Muerd se net am Schlôf!

Deiwel:Hahaha! Hié mecht et!
't ass geschitt!
Sie ass getraff!(heftegen langrollenden Donner,mat dem Donner he'ert d'Musek op.D'Bühn kann fir dé Moment me' deischter gin. De Prönz kent we' betäubt erem,léft op an of we' besiéss,huet d'Blumm un sech geholl)

Prönz:'t ass geschitt - 't huet kén et gesin! - Mé,'t war schwe'er - ech ge'f et net me' ferdeg brengen. - Awer watt hölleft et, 't ass geschitt.(markand) Op den Tro'n gét de Wé! - - - (erem gejôt) Oh,we' soll ech et nömme verstoppen?Mat dem

wöll ech e Graw gruewen.-- Wurzelen sollen et zo'decken,- -
E'weg soll et verburge bleiweb.... Buedem op d'Gesîcht....
dât sche'nt Gesîcht!.... we' hât ech et als Kand eso' gèr!...
Ech kann net ..... ech kann net.... Sin ech e Mann?......
Dir sche'n Aen kuckt mech net..... Dir göllen Hohr,glönnert
net eso'! - Oh, du kleng bluddeg Quell, hâl op ze lâfen.....
Wir et dach nömmen net wo'er!!! - E'weg, e'weg gesin ech d'
Plâtz,wo' am hellege Schlôf,dem Brudder sei Schwert sie ge-
traff huet.(Schle't d'Hänn virun d'Gesîcht a lêft fort.
En Donnerschlag, dann)

Engel an Deiwel zesummen: E'weg, e'weg, e'weg verflucht!

Vorhang.

III.Bild Am Schlasshaff
An der Mött en Hiwel, oder e klenge Kiosk)
I.Szén,
Kinigin,Kanzler,Gefolgschaft,Zaldoten,den Narr,

E Mann:Nach ömmer neischt, an 't get gleich Nuecht.
2. Schon eso' lâng sin se fort,an nach kén huet d'Blumm fondt.
3. Wär kann én awer och eppes op en Drâm gin?
eng Fra:Wié wés dann ob et iwerhâpt eso' eng Blumm get?
1.Mann:Ro'eg, ech mengen d'Kinigin kuckt heihin!
2. Dât wert d'Kinigin awer och interesse'eren,wat mir hei schwäten.
(vu weit he'ert én:Vive! d'Blumm! D'Blumm! Vive eise Kinek!)
Vill:Huet dir he'eren? D'Blumm! 't huet én se fondt! - Wié soll et sin?
Eng Frâ:lo Johr vu mengem Liéwen ge'f ech wann ech et wösst!
Narr:Dir Leit,blo's net onro'heg gin,
't werdt jo schon dé Falsche sin!
2.Mann:Awer denkt emol, E Kinekreich fir eng Blumm! Dât ass jo onerhe'ert!
3. Dé' Glecklechen! Hoffentlech ass et d'Prinzessin Dausendsche'n!
Kanzler(zur Kinigin):We' ass et Majestät?
Kinigin:Oh,git kucken,a kommt mir gleich Beschéd soen!(Kanzler of)
Kanzler:Ech si gleich erem)
(Geraisch v.Vollek könnt ömmer me' noh,eng Klack laut)
Kanzler(könnt se'er erem eran:):Majestät,de Prönz! de Prönz ass do!
E Pur:De Kinek könnt!
Eng Frâ:En ass schon hei!(Vive,Musek,Festzug,de Prönz un der Spötzt mat der Blumm an der Hand,kommen eran)

P 2.Szén,Vireg,Prönz a Vollek,Kanner.

Prönz(zur Kinigin:) Mamm,hei kuck wât ech fondt hun,ech léen dir se an d'Hand.
1. D'Blumm! Ah, d'Blumm!
2. Oh jo, kuckt dach nömme we' sche'n!
3.(ganz noh):We' se richt! - An sie geseit grad aus ewéé en Zepter.
1. Ro't ass es we' Blutt!
Prönz(fihrt zesummen):Wié schwätzt hei vu Blutt?
Kinigin:Wann ech richteg kucken,dann de't é mengen 't he'ng Blutt drun.
Prönz:Weil se matten an de Där sto'ng hun ech mir d'Kléder an d'Hänn verrass.
Kinigin: Mä dei Schwert ass jo och bluddeg ro't!
Prönz(verdaddert):Ech hun... e verwondt Re'h dermat erstach!
Kinigin:An deng Schwöster?
Prönz:Ech hun se net gesin. ....(zum Kanzler):Wurfir laut de'Klack, grad ewe' zum Gerîcht?
Kanzler:Sie wöllt dem Kinek hir Ehrfurcht erweisen.
Prönz:Sie soll direckt ophâlen!(D'Klack klengt lues aus)
Narr: Ech, wann ech gett ze soen hätt,
Der Freihét he'lt ech d'Dodemett!
Kinigin:An deng Schwöster? - Eist Dausendschein?
Prönz:Ech hun se seit de Murgen net me' gesin.Mir sin am Bösch ausernén gang. - (plötzlech,hefteg):Sin ech da vleicht den Odsîchter, den Hüter vu menger Schwöster?
Kinigin:(we'hmiddeg):Oh, net dât Wurt! Net dât Wurt,mei Jong!
Prönz(scharf a kâl):Ah, 't mahnt dech un den e'schte Bruddermord! Ro'ffe wöll ech et datt et schâlt a gellt,durch d'Strôssen, d'Stâdt an d'Welt! Sin ech den Hütter vu menger Schwöster?!
Kinigin:Mei Jong! Mei Jong! 't huet schon én eso' gesôt! - Wo' ass mei Kand, mein Dausendsche'n?

Prönz(lîcht): Stell dem Wand de' Frô! - Oenner d'Bichen ge'h se sichen!,do drémt se vu Ruhm, vu Kinkstum a Wohnerblumm! (Fest an entschloss):Ech awer fleiere mei Gleck.(zo' den Hofleit): Alles an d'Schlass zur Kre'nong!
(Den Zug stellt sech op,d'Kinigin bleiwt zreck,d'Kanner gin net mat dem Kinekszug,mä de' âner Seit of. D'Musek spillt e Marsch iwerdém den Zug an d'Schlass ze'ht,dertöscht hâlt d'Ruffen vun der Kinigin)

Kinigin:Dausendsche'n! (durch d'huel Hand) Dausendsche'n!('t mass an d'Pausen vun der Musek passen)Dausendsche'n!! - (rifft no alle Seiten,gét dann ro'fend ôf,de'n entge'ntgesetzt Seit vum Schlass. 't he'ert én se dobausse ruffen,weit eweg. D'Bühn bleiwt eng Weil eidel,'t get me' deischter. Den Narr könnt eran, stellt sech vir op d'Bühn):

3.Szén Narr,eleng op der Bühn,
Kinigin a Vollek onsichtbar.

Narr:
Hei, we' d'Natur et närresch dreiwt!
De Mönsch vergeht,mä d'Narrhét bleiwt! -
We' närresch dach eng Mönschenhét,
de' sech vernicht,an net vergét,
de' sech vernicht an nei gebiehrt,
de' sech begleckt an nei verzihrt! -

An én,dé sötzt:wann dé blo's wenkt,
e stôhlend Rîchtschwert blenkt -
e Wenk vun senger Hand -
e Kapp rollt an de Sand!

Dén hâlen s'an E'ren,
Dén nennen se "Kinek"
a fâlen an d'Kne'en!

Vollekt:(hanert der Bühn): Vive,vive,vive eise Kinek!

An de',de' gär se sollten hun,
dèr d'Kléd si daks geköSSt schon hun,
D'Prinzessin Dausendsche'n...
Wién soll de' wuel nach gese'hn?-
Wién nömmen hiren Numm wöllt nennen,
Dé muss op der Plâtz am Feier brennen.

't ass nömmen eng,de' hién nach hegt,
de' hién durch Feld a Böscher dre'gt-
eis Kinigin.
(Klömmt op den Hiwel,kuckt durch d'Huel Hand no alle Seiten)
Wié wés, wo' sie ass hin?
Sie kreischt sech d'Aen blann a wond,
Sie irrt durch d'Welt a sicht hirt Kand!

Cho'er(hannert der Bühn)
Vive deKinek,vive,vive,vive!
Gleck a Segen! Vivevive,vive!
Fro' a frei soll et erschâlen,
Durch d'ganz Welt eist gro'ssegt Gleck.
Kinnek datt mir zo' dir hâlen
Voll Courage a stramm a fleck!

(eng Paus am Cho'er,dertöscht d'Stömm dun der Kinigin)

Kinigin:Dau-send-sche'n! - Dau-send-sche'n!

Cho'er:
Eng Kro'n pur Gold mat Edelsteng
De' ass geschmied fir dech eleng.
Du,eisen Här,nu setz se op,
Mir schwieren allzeit Trei dir drop.

Kinigin(vun enger ânerer Seit):.Dausendsche'n!!!!

Cho'er(fänkt nach eng Ke'er un mä ömmer me' schwâch)

Vive de Kinek,vive,vive,vive,,,,

Narr(Kuckt no der Seit wo' dé lèschte Ruff hirko'm)
Ké Mönsch kennt hirt Kand,
Iwert d'Héd am Wand (Wandsturm hannert der Bühn)
strét sie we' köstleche Sôm
sein deieren Numm!

Kinigin: Dau-send-sche'n! Dau-send-sche'n! (d'Ruffen verhâlt am Wand)
Narr: Wo' Mönsche sin am ganze Land
Gét sie hin a sicht hirt Kand.
Wo' se lidder sangen,
wo' se danzen,sprangen...(D'Bühn muss eso' sin datt d'Kanner am Danzen op d'Bühn kommen,an zum Schluss erem verschwonne sin)
Kannercho'er: Danzen a sangen)

Mir triéden all op d'Ketten
So' datt d'Kette klengt!
Mir hun och e Villchen
Wonnerbar dé sengt!

Kinigin: Dau-send-sche'n! Dausendsche'n!

Kanner: Eist Nelly huet sech emgedre'hnt,
Huet de ganze Krés verdre'hnt!
Kinigin(ganz weit):
Dau-send-sche'n!
Narr:
Irrt iwer Héd a Bierg an Dall,
Sicht am Bösch an iwerall.
(Sturmwand)
We' ass et kâl a Frösch
am de'wen,de'we Bösch!
(Wand,Rausche vum Bösch,Vullestömmen,Eiliruffen)
(D'Kinigin erschengt an de Kulissen)
Kinigin( O sei Bleck,sein do'd'ge Bleck!
Niemols könnt mei Kand me' zreck! (Riffe)
Dausendsche'n!,Dausendsche'n!
(Eileruff)
Neischt! - Neischt! - Eng Eil de' ste'hnt!
(rifft):Dausendsche'n! Dausendsche'n!!!
Neischt! an ömmer neischt!
Ech muss virugoen! (ze'ht sech lues zreck)
Muss e'weg goen! - E'weg goen!
(No an no verklengt hirt Ruffen,get vum Echo erem-bruecht): Dausensche'n! Dausendsche'n!!!!

Vorhang.

## IV.Bild Eng Böschwiss.

### 1.Szén, d'Zwergen.

(Sie kommen eragehuscht,sötzen sech am Krés em de Chef,'t muss de' Plâtz sin wo' de Jenny derno d'Schank föndt)

Chef:Jongen,ech muss iéch elo emol verziélen wât d'Elfekinigin mir elograd verroden huet.Dir wösst jo datt mir hei om Grâw vun der Prinzessin Dausendsche'n sin,de' vir Johren hei vun hirem Brudder erstach a begruewe go'f.-Démols war nach dichte Bösch hei.- Mir ware jo bis elo all Owes em döss Zeit hei - haut soll et fir d'lèscht sin - well haut wöllt d' Prinzessin ufänken sech sèlwer un hirem Märder ze rächen.

1.Zwerg:A wât solle mir dobei mâchen,Chef?

Schef:Eigentlech neischt.Mir sollen haut fir d'lèscht eisen Trauerreigen mâchen.

2.Zwerg:Dât ass awer Schued,Chef.- Du wés jo,mir sange gär - danzen nach le'wer, awer am le'wsten wire mir derbei gewiéscht wann et dem Märder un de Pelz geht.

Chef:D'Prinzessin brauch eiser net. -(iwerdém ass d'Bühn me'deischter gin) - Awer kuckt, d'Sonn ass um önnergoen - d'Do'desstonn vun der Prinzessin - also opgepasst: (Musek, sie sprangen op zum Reigen):

Traureg ass dach d'Mönscheliéwen,
Fir so' sche'n a jonk ze stirwen.
Grad wo' d'Blummen op dem Feld
Stirwt jo alles op der Welt.

Lôsst mer kreischen,lôsst mer trauren
An eist Daisendsche'n bedauren.
Jo,dât aremt,aremt Kand
Ass gefall durch Märderhand!

Gott der Här lôss dech erwächen
Solls den Do'd um Märder rächen.
Le'f Prinzessin Dausendsche'n
He'er du eis traureg Te'n!

(Am Bösch he'ert én dann ent wann De'er:Gänseschnadderen,Han gebill,Blöcke vun de Schôf, 't he'ert én och emol Mönsche-stömmen)

Chef:A wât ass dât do? - Kommt Jongen,lôsst mir eis le'wer verze'-en, 't ass net ubruecht datt e Mönsch eis hei föndt.

(all ôf)

2.Szén, Jenny,Kättchen

(Sie kommen aus dem Bösch,hun sech am Arm)

Jenny:Jomm Kättchen,mir babbelen e we'neg.

Kätt:Ech kre'e gur keng Zeit mech nidderzesötzen,stänneg muss ech op meng Gäns oppassen,datt ké Wisel oder Fochs sie hölt.

Jenny:De Flocki dé besurgt dât schon,du kanns bero'egt sin,do ge-schitt néischt. Komm sötz dech e we'neg.Ech peiffen dir och e Liddchen.

Kätt:Wât tuddels du do, du hues jo emol keng Flütt.

Jenny:O jemeche Kanner,dât soll awer och eppes sin. De' mâchen ech mir,irgend e Ro'er - e pur Lächer dragebuhrt, a schon ass d' Flütt fèrdeg...

Kätt(kuckt an de Bösch):Jenny kuck, we' sin d'Schôf eso' onro'heg! Wât soll lass sin?

Jenny:Dât ass neischt, de' si geschwönn erem ro'heg.Gef meng Schö: (geheit eng Schöppchen Buedem No de Schôf - wöllt eng Zwét huelen,geseit d'Schank) - Kuck emol Kättchen, wât glönnert eso' weiss elo?

Kättchen:Oh!...

Jenny:'t schimmert we' Elfenbén!

Kätt: Oh we' weiss! - we' reng! -... 't schengt eng Schänkelchen ze sin.

Jenny:Jo, 't ass eng kleng Schank - ... bestömmt vun engem Re'h. (hiéwt s'op)

Kätt(Gef mir se!

Jenny:Nén,lôss!... Ech buhre Lächer dran,da get et eng sche'n Flü'

Kätt: So Jenny, wannn awer..... ech wollt soen...wann et awer....

Jenny:Mä Kättchen, wât tuddels du dann eso'? Wat hues du?

Kätt:Neischt,Jenny, ech hun elo eppes Dommes geduecht. Du muss kengem et soen. - Wann et vleicht eng Mönscheschänkelche wi'

Jenny:Du dommt Kättchen do! Du werds emol gesin watt dât eng fein Flütt get. Watt de' sche'n gét.

Kätt:Meng Mamm verziélt dach ömmer datt hei op döser Plâtz vir Johren d'Prinzessin Dausendsche'n erschloe go'f.

Jenny:Dât wés ech och,Kättchen,mä dât ass dach secher nömmen eng Séchen fir d'Kanner fèrten ze dongen.(fänkt un un der Schank ze schaffen)

Kätt:O Jenny,we' bass du eso' flenk a gewandt, du hätts missen Sculpteur gin.

Jenny(Lâcht):Ech hun dir jo gesôt,datt mir se'er eng Flütt hätt Sie ass elo gleich fèrdeg. Da blôsen ech an du dre's dech am Krés.

Kätt:Da muss du awer och eppes Löschteges peiffen,net datt é grö Hohr kritt.....oder datt d'Mölleg emgét(Lâchen allen zwé).... Allez, fänk un! - Du kris derno och eng Bés.

(Bis heihin huet én dann ent wann d'De'er am Bösch he'eren, de' verstommen ewell, a spe'der ömmer wann d'Flütt erte'nt-Jenny hölt d'Flütt un de Mond,dann erte'nt d'e'schte Ke'er de' schaueregse'ss Melodie mat der Stömm vun der Prinzessin Dausendsche'n gesongen):

Stömm:

O Jenny mein, o Jenny mein,
Deng Flütt dât ass mein Do'debén!
Mei Brudder huet am Bösch mech erschloen,
Huet mir arment Kand d'Blumm geholl aus der Hand,
't wir seng,wollt hié könne soen.
En huet mech geschlo'n am Schlôf - a we' hart!
E Grâw opgewullt - mech önnergeschârrt.
Mei Brudder a jongen Dôen...
Elo durch dei Mond - Siéf et alle kond....
Wöll Gott an de Mönschen et klôen.

(durno fänken d'Honn an d'De'er un ze klôen an ze winseln.)

Kätt: Wât war dât? - De' Flüzt de' sengt! - A we' drengt et engem am'Herz! - We' mechs du dât Jenny?

Jenny:Ech wés selwer net we' a net wât,Kättchen! - 't ass ewe' en Zauber. Eso' bâl ech d'Flütt bei de Mond geholl hun huet sie ugefangen eso' traureg ze sangen!

Kätt: Oh Jenny we' war et mir eso' onhémleg! D'Schuddere si mir aus-gânge we' se gesongen huet:"Mei Brudder huet am Bösch mech erschloen" - Wié sét eis dann datt net de' do'deg Prinzessin aus der Flütt sengt?

Jenny:Kättchen,dât därfs du kengem sôen.- De Kinek ge'f dech liéweg verbrennen lôssen.- Wié wés dann dât och?- Am deischtere Bösch geschitt allerhand.

Kätt: We' schrecklech datt eso' eppes passe'ere kann.- An Jenny wanns de gesin hätts we' De'ere gefârt hun,se hun sech zesummen gedrängt a gezwänkt. - - - - Komm gef mir d'Flütt heihin,ech spillen eppes Löschteges,da vergiésse mir de' Angscht erem.

Jenny:Hei.probe'er!nEch sin dach emol gespannt we' et dir gét.
(Den Hond fängt gleich un ze winselen wann d'Kätt d'Flütt an de Mond höllt)
Ro'eg Flocki! Kusch! D'Kättchen spillt jo eppes Löschteges.

Kätt: (ble'st an d'Flütt an d'Lidd erklengt erem)

Stömm:
O Kättchen mein, o Kättchen mein,
Deng Flütt dât ass mein Do'debén.
Mei Brudder .....

Jenny:(mat de'wem Seufzer): Dât könnt ech ömmer erem he'eren.

Kätt: Jo,'t ass me' sche'n we' all âner Lidder.

Jenny:Kuck we' d'Bém an Straicher lauschteren,eso' gûr d'Bâch rauscht net me'.

Kätt: 't ass we' mir alles misste verlôssen fir dât Lidd durch all Gâssen spillen ze goen. Well,siéf es secher,dén et émol he'eren huet begét u sengem Liéwen kén Onrecht me'.

Jenny:Komm Kättchen,gef mir d'Flütt erem,mir gin emol nach no eisen De'ere kucken,well 't get gleich Nuecht.Durno lauschtere mir d'Lidd nach eng Ke'er.(gin allenzwé of an de Bösch,Nuetsklack laudt.No enger kurzer Paus könnt de Ritter mat sengem Page vun dér ânerer Seit,d'Klack laudt nach ömmer)

3.Szén.

Seneschal, Page.

Seneschal: D'Nuetsklack laut,schon erem en Dâg erlanscht, a mir hun neicht fondt. Johrelâng ze'en ech ewell an der Welt erem o'ni de' gerengsten Spur ze fannen.

Page: Munech Médercher sin ewell gestuerwen a verduerwen. Zu gudder lescht föndt én sech dermat of,a wann et och eng Prinzessin war.

Seneschal: Der Kinigin hire Schmèrz brecht mir d'Hèrz. Dach lauschter,wat he'ert én do? - Wié sengt do? ('t kann én d'Lidd elo grad önnerschéden) Ge' kuck dach emol watt dât ka sin?

Page: (gét kucken,rifft aus dem Bösch) En Hirt ble'st d'Flütt.

Seneschal:Awer dât Lidd! Dât Lidd, we' dât mir d'Hèrz zesummenze't.
(de Page könnt mam Jenny a Kätt aus dem Bösch)

4.Szén.

Vireg, Jenny, Kätt.

Page(zum Jenny) Hâl op, a gef dem Här Beschéd. (de Jenny spillt d'Lidd zu Enn,vun dém én bis elo nömmen d'Melodie he'eren huet,de' elo an d'lescht Wierden iwergét)

Stömm:
Elo durch dei Mond, siéf et alle kondt.....
Wöll Gottan de Mönschen et kloen.

Page: Wât gét dech un? Firwat bass du net stöll wann den Här et wöllt?

Seneschal: Rég dech net op Page!

Jenny:A wann de Kinek selwer gebidde ge'f,niemôls schweigt d'Zauberflütt. Sie muss hirt Lidd zu Enn sangen.

Kätt:An Här,et ass en Trauerlidd. D'De'er an d'Mönschen,alles klôt mat.

Seneschal:(drenglech) We' kommt dir zo' dér Flütt?

Jenny: Oh Här,hei op der Wis hun ech dât Bén fondt,ech hun et zur Flütt geschnidden,... sie spillt a sengt ömmer dât Lidd.

Kätt: 't klengt we' vun engem Villchen,Här,an 't schneidt engem an d'Se'l.

Seneschal:Gef mir de' Flütt! - Furder alles vu mir watts de wölls,

du solls et kre'en.
Jenny:(eifreg)A wann d'ganz welt èr wir,Här,d'Flütt ass net fél.
Page: (sprengt ge'nt de Jenny) We' kanns du freche Wîcht dech önn stoen eso' mat mengem Här ze schwätzen!- Här,soll ech him d'Knache briéchen? - Mat menger Lanz hién erstiéchen?
Kätt: (ängschtlech zum Ritter) Hölleft him Här,ech hun hié gär.
Seneschal:(zum Jenny) Hues du sie gär? Da lauschter Jong,deint si f alles watt ech hun,Harnisch,Lanz a Schöld a Schwert,derbei nach hei dé Beidel Gold, - göf mir nömmen d'Flütt.
Jenny:Oh Mamm, oh Kanner,Här, dir geizt net,dir bezuelt jo e rich tege Wucherpreis.
Seneschal:Hei ass mir neicht ze vill,'t stét nämlech alles op de Spill.- Natirlech ass mei Perd och am Preis abegraff,Dât g t mei Page iéch gleich sichen.
Kätt: (erstaunt) Denk dir Jenny,e Perd!....
Jenny: (grad eso') Helm a Schöld a Spiess a Schwert.
Kätt: A Gold och fir en Haus an Herd.
Page: (zum Jenny) Dir wirdt e Geck wann dir net ge'ft zo'greifen
Jenny:Ach,nie könnt ech mech vun dér Flütt trennen,awer ech wés n 't ass eppes wât mech drängt den Handel anzegoen. 't soll also sin. Heit Här Ritter,huelt di d'Flütt.

Duo Jenny,Kätt.

Kätt: Mir hun ewell e Perd. - Mir hun ewell e Pèrd!
Elo käfs du nach Digel,Döpper an Hèrd.
Jenny:Mir kâfen e proppert Heischen eis dann...
Kätt: A mar schon gi mir da Fra a Mann!
Seneschal:'t siéf dann(get dem Jenny alles) Gottes Gleck a Gottes Ségen soll iéch allzeit begléden.Mir bleift nömmen d'Trauer lidd.Sang also,du se'sse Ro'er,e'weg klengt et mir am O'er. (hié spillt)
Stömm: O Ritter mein, o Rätter mein
Deng Flütt dât ass mein Do'debén.
(Iwer dem verhallende Lidd fällt de Vorhang)

5. Bild. Eng Wirtsstuff. -Danz.

1.Szén,Wirt,Kellner,Musikanten,Gäscht(3 Pur)

1.Gâscht:(sengt)
Drenk,Médchen,drenk
2.Gâscht: En Humpen,awer flenk!
3.Gâscht: Riéwesâft a Géschtesâft,
Gin eis Mutt a Krâft
Wo' ke'm eis Loscht och hir
Wann dât net so' wir!

(geschwât): Zum Deiwel Wirt,wo' bleiwt mei Glas,breng emol endlech e Glas 21 er.Vun dém Sangen kritt én d'Strass drec
Wirt:Ech komme jo! (Kellner a Wirt sin ömmer um serve'erèn,de' ganz Szén muss als richtege Kirmesrummel wirken)
2.Gâscht:Musek! - En Danz! Wurfir get dir bezuelt?
(D'Musek spillt zum Danz op. De' 3 Pur danzen,töschend dén énzelnen Dänz sengt ömmer én Solo d'Strôphen vun dém folgende Lidd,dann zesummen de Refrain: Riéwesâft a Géschte...

1.Gâscht(sengt):Ei Médchen schwenk deng Räck och sche'n,
Zum Wein gehe'ren löschteg Te'n.
Médchen haut siéf du mein,
Mâr vleicht gin ech dann dein!

Zesummen Refrain, dann Danz.

2.Gâscht: Ei,Médchen schnür dei Mieder fein,
Eso' e Köndchen passt zum Wein.
Médchen haut siéf du mein,
Mâr vleicht gin ech dann dein!

(De Ritter ass iwer der 2.Strôf erakomm,stét hanne bei der Dir a betruecht sech de Rummel.)
Zesummen de Refrain an Danz we' uewen.-Iwer dem Danzen gesinn si de Ritter do stoen)
1.Gâscht:(hart):Herr Ritter vun der Trauergestallt, kommt dach heihin,datt dir net erkâlt,- Kommt ro'heg heihin,hei get k gebass.(An d'lues Dudeln vun der Musek möscht sách d'Lâche vun de Gäscht.De Ritter könnt matten an d'Stuff)

3.Gâscht:Hei,hién huet nawell eng Flütt am Sâk, mä da spillt eis emol e Steck,Här Dudelsâk!
Ritter:(äscht):Wo ech blôsen,do fle'ssen Tre'nen.
1.Médchen:Hu, mir hänkt schon eng Tre'n un der Nues.(Lâchen)
1.Gâscht:Dât wwölle mir emol gesin! Greift ro'eg an èr Täsch,mir he'ere gär d'Engelcher peiffen.
(Währenddém huet d'Musek erem ugefângen mat enger Strôf,d' Gäscht summe fir d'e'scht mat,dann sangen se hart)
Zesummen: Médchen haut siéf du mein,
Mâr vleicht gin ech dann dein!
Ritter(während dem Sangen huet hié schon ugefangen ze blosen,während der e'schter Zeil sangen a musize'eren se nach nach all,no der e'schter sin d'Médercher op emol ro'heg,no der 2. och d'Männer, da brecht d'Musek op émol matten am Takt schrill of,nömmen d'Flütt sengt)
Stömm:
En huet mech geschloen am Schlôf - a we' hart!
E graw gegruewen......(bis Schluss.)

(alles ass maischestöll, dann alles am Pösperto'n)
1.Gâscht:Wât war dât?
2.Gâscht:War dât Hexerei?
3.Gâscht: Eng Hexerei ass secher derbei,d'Schudderenge si mir zur Kopp aus gângen.
1.Méedchen:Mein Hèrz sto'ng stöll!
2.Médchen:Soll dât elo vleicht e Märder sin?
3.Médchen:Dén seng ro't Sönde be'sst!
Wirt:Mei le'we Frönd,èrt Lidd ass e richtege Graus,dir dreiwt mir dermat d'Leit all aus dem Haus. Mä trotzdem kann ech iéch net be'ss sin - - spillt et nach eng Ke'er, ech biéden iéch!
Vill:Jo, nömmen nach eng énzeg Ke'er! - ('t gat un der Dir gerubbelt)
Wirt(zum Kellner): Ge' emol kucken,- d'Dir muss scho gespart sin - Wié soll wuel nach eso' spe't kommen.(kellner of,könnt gleich erem)
Kellner:Hr Wirt, 't ass eng âl Frâ!
Wirt:Sie soll nömmen erakommen. - Wié soll et nömme sin?

3.Szén,Vireg,Kinigin

Kinigin:(kent eran): O siéft net be'ss,dir Dammen an Hèrren,ech hätt nömme gèren e klengt Renseignement. Kuckt, ech sin ech âl Frâ, hu munech Léd erdroen. Mir ass viru lange Johren mei Médchen am Bösch verlure gângen. - Vum Kreischen sin meng Aen wond an eidel. - Ech irren an der ganzer Welt erem. (Wehmiddeg)
Oh,könnt ech dech nach émol eremgesin,mein Dausendsche'n!
Mein Dausendsche'n!!
3.Gâscht(grob):An durfir kommt dir heihin,an den Danzsall,a ste'ert eist Fest! Médercher gin all Dâg eng Dosen verluren, a grad esovill gin nei geburen.
2.Gâscht:Dir hätt iéch könne me' kurz fâssen,Mir hâten eis elo grad eso' sche'n re'ere gelôss.
1.Médchen:Huelt der armer Frâ et dach net eso' iwel,denkt un hirt Léd.
1.Gâscht:Jé,Hèrr Ritter,spillt,lauschtert net op de' âl Frâ!
Ritter(dén dé' ganz Zeit op d'Kinigin gekuckt a gestarrt huet, bedeitsam):Sie ass net komm fir eis ze ste'eren,meng Flütt wöllt sie jo nömmen he'eren.(zur Kinigin):Lauschtert gutt,a lôst den Tre'nen freie Lâf.(fänkt un ze spillen)
Stömm:
O Ritter mein,o Ritter mein,
Deng Flütt dât ass mein Do'debén!
Mei Brudder huet am Bösch mech erschloen
(Heä ste'sst d'Kinigin e schrille Krésch aus,während dem Folgenden ste'nt a schluchst sie nömmen dann ent wann)
Huet mir arment Kand.....(Bis Schluss)

(Beim lèschte Sâtz fällt d'Kinigin mat dompem Laut op de Buedem)
Wirt:Mei Gott! De' âl Frâ!
1.Gâscht:D'Wiéder huet sie ugegraff!
1.Médchen:De Wand gét haut awer och eso' rauh!
Ritter:Sie huet sech dach secher net we'h gedoen? - Reiwt hir se'er d'Stir an d'Schle'fen mat Wein an....('t geschitt) - Eso', gesit dir,'t gét hir schon erem besser.(eng Paus, da schäft d' Kinigin erem Otem a rifft.)

Kinigin:Ech hun et ömmer geahnt! - Fluch iwer mei Rôt! - a Wehe iwer seng Dôt!

Ritter(wörft sech hir zo' Fe'ssen):Kinigin! Kinigin! ère Seneschal ech sin!

All(lues,erstaunt): D'Kinigin? - de Seneschall??

Kinigin:Mei Ritter sit dir? - An dir huet dât Lidd geblosen? - Dât Lidd wo' mir alles verrôden huet. - O Seneschall, huelt alles wât meint ass, mei Gold,meng Juwelen, alles wât ech hun - get mir nömmen de' Flütt.

3.Gâscht: A wât hêscht dât do? -Donnerwiéder! 't get ömmer me'bont! Flüstern enert enén)

2.Gâscht:Gold, Juvelen ... e ganz Verme'gen fir eng Flütt??

Kinigin:Oh, get mir se, wann dir och nie könnt wössen wât de' Flütt mir wert ass.

Ritter:Huelt se! Sie war mir le'f an deier! Mä Kinigin, 't soll èr sin!

Kinigin:An de Preis?

Ritter:We' könnt dât,wât blo's Iéch gehe'ert,mir fél sin fir Geld a Geldeswert. Iéch gin ech se frédeg hin,der Mamm, a menger Kinigin.

1.Gâscht(hémlech,tippt sech op d'Stît): E Geck!- do stömmt et net heiuewen!

2.Médchen:Verwonnert) Hié wöllt ké Geld!

Wirt:Ja, get et dann iwerhâpt eso' eppes?

Kellner:E Mönsch,dén e Verme'gen verschenkt! - nén,dât verstin ech net...

Kinigin(hölt d'Flütt an d'Hand, erschaudert): Oh, we' ke'hl - we' d'Grâw! An dach, an dach, 't ass mei Kand!(kösst d'Flütt) Datt ech dech eremfannen! Mei Liéwen huet sach gewendt - mei Dég de' gin zo' Enn! Ent bleiwt mir nach ze mâchen. - - O Ritter,sôt,gét èren Dengscht eso'weit,wöllt dir mech vleicht nach hém begléden?

Ritter:Wo'hin dir wöllt, ech sin berét.

Kinigin:Da follegt mir, dir treie Mann. Haut nach gi mir zur Kinekestâdt.De' schwe'ersté Wé fir e Mammenhèrz bleiwt mir elo nach - dât trauregt Lidd soll eis dohin begléden.
(Sie setzt d'Flütt un de Mond.a gleich erte'nt d'Lidd, ömmer me' lues bis de Vorhang zo' ass)

Stömm:

O Kinigin, o Mamma mein
Deng Flütt dât ass mein Do'debén
Mei Brudder huet am Bösch mech erschloen.....

Vorhang.

6.Bild Tro'nsall we' am 1.Bild

1.Szén, den Narr, virum Vorhang.

Narr:

All Liéwen ass Spuck!
Ass närreschen Drug!
Wo' go'ngen se hin,
D'Prinzess an d'Kinigin?
Awer de So'hn
Sötzt op dem Tro'hn.
Närrescht Gescheck,
Närrescht Gleck!
Grauen a Gram
Pákt we' eng Fauscht sei Geneck!
Weist him bei Nuecht a bei Dâg
Wat hién net kucke mag.
Him bleiwt blo's Klôen a Fluch,
Him bleiwt blo's Modergeruch!

('t he'ert én löschteg Musek)

Geheit 'mol e Bleck
An sei gleissend Gleck!
Kuckt en am festleche Sall
-Iwer allem stét d'Qual!

2.Szén Narr,Kinnek,Kanzler,Gefolgschaft, Sanger,Schauspiller, Musikannten.

(De Vorhang gét se'er op,de Kinek sötzt op dem Tro'n,den Narr stellt sech bei en. An dém Ableck hält d'Musék op

Kinek(ste'hnt):Könnt ech dach nömmen d'Sönde vergiéssen,de' we' Feier brennen. - (Am Komandoto'n).: Musek! e Lidd - en Danz a löschtge Mummeschanz!

Narr: O gro'sse Kinek,
du furders we'neg.
Kuck riéchts a lenks,
Kuck em dech rengs,
Watt ass dann d'Liéwe ganz:
Dach neischt we' richtge Mummeschanz!

Kanzler:Majestät, 't si Schauspiller ukomm,de' frôen èr allerhéchst Permissio'n,fir e Spill virzedroen aus urâlen Dégén.

Kinek:Eran, nömmen eran mat en, datt sie mir de' bléch an ängschtlech Surgen verdreiwen.(Schauspiller trött vir, verneigt sech) Wié sit dir? - Wât bedeit èrt Spill?

Schauspiller: Majestät,mir spillen Uedem an E'v am Paradeis,och we' se d'Sönd begin,we' den Herrgott sie verdriwen.Durno könnt dann dem Abel sein Opfer - an dem Kain sei Bruddermord,dât gro'sst Verbriéchen....

Kinnek:(önnerbrecht,jäh):Verflucht! - Wié schwätzt vu Mord hei! - Fort aus mengen Aen! Fort!!!

Kanzler(zum Schauspiller):'t ass haut net dé richtegen Dâg.Gitt an de Schlasshaff a spillt der Dengerschâft. Seng Majestät ass h haut zevill opgeregt.

Schauspiller: Wann d'Kineken de' Sprôch do fe'eren,
Dann ass et Zeit ze salüe'eren! (of)

3.Szén, Vireg o'ni Schauspiller

Narr: Watt bis elo war komesch,
Dât get op émol tragesch.
Dach,wié wés de Sönn ze haschen
Dé kann neischt me' iwerraschen!

Kinek(no kurzem,dompem Bre'en,fihrt jäh op):Wién huet hei vum Kain geschwât? - a vu Mord? - Wo' ass en dé Peiass?

Kanzler:Hién ass fort, fort we' d'Spre' am Wand,Majestät. - Awer wât befiélt dir weider?

Kinek:D'Fest get fortgesât! ('t he'ert én dreimol de Keitzchen)

Kanzler(zo' der Gefolgschâft):Dir Damen an Hären,mir mâchen de Fakkelreigen! Op zum Danz!
D'Musek setzt an,d'Sänger sangen eng Strophe,an d'Dänzer stellen sech a Positio'n,könnte vleich och schon e pur Danzschrött während dem Lidd mâchen,jiddenfalls e richtege Reigen töschend all Strophe.- Nom Danz rifft de Keitzchen)

Sänger: Mir dre'en de Reigen,
Dem Herscher ze weisen
A wirbeldem Danz
D'ganz Anmut vum Land.
Danz. Keitzchen

2 Eis Fâklen mir hâlen
Sie sollen erstrahlen
Munch frösch-fro't gesîcht
Durch sie siéf belîcht.
Danz - Keitzchen

Kinek:Wién traut sech dé schlömme Spâss, de Krésch vum Do'de-Vugel viru mein Tro'n ze brengen?

Kanzler:Majestät,lauschtert dach net länger déne schwarze Gedanken, lauschtert dach le'wer eise Musikanten a Sänger.
(erem Musek an Danz

Sanger:3. Eis Aen sie brennen
Wöll Kinnek erkennen
All löschtege Schein
Dén ass nömmen dein!
(Danz we' uewen.Während dem Danz a Musek,get mat dompem Knall d'Dir opgesto'ss,3 mol rifft de Keitzchen. An Musek an Danz eran rifft de Kinek):

Kinek:Hién ass eso' kéng sech hei eranze drängen? - Wién traut sech d'Pârt ze sprengen? - Wié ste'ert dem Kinek seng Ro'h?
(senkt zreck: Mamm? Mamm, Du?
(erakommen d'Kinigin an de Seneschall)

Sänger(lues,gedämpft):
Et jubeln dir d'Geién,
An 't schlengt sech de Reigen
Den Dâg get versche'nt - Wa Festnuecht hié kre'nt.

Kinigin(rifft matten an d'Lidd a Reigen eran,dem Kinek zo':)
Wann alles sech drängt,
An alles dir sengt
Da lauschter och mir,
E Lidd breng'n ech dir.
Kinek(voll Angscht): Mamm., - wién huet dech an d'Land geruff? - Fir wât dre's du Trauer? - - - Mamm, wât schwätzt aus denge Gesîcht? - Wât bedeit dât Zepter an denger Hand? - Oh, 't ass jo eng Schank!!! - Fir wât höls du - dât - Zepter - un de Mond?
Kinigin(domp): Mei Jong, -haut huet d'Stonn geschloen....
(Musek,Sänger fänken erem un)
Sänger: We' nuechtens um Himmel
Am Stèregewimmel...
(D'Kinigin fänkt mat grellem To'n un ze blôsen,d'Musek brecht jäh ôf matten am Takt,d'Flütt spillt virun)

Stömm: O Kinigin, o Mamma mein,
Deng Flütt dât ass mein Do'debén.....

Sänger(o'ni Musek):
So' kineklech tro'nt
De sölwerne Mo'nd.(Mä döss lèscht Wirder sin nömme gellend Krésch, dann:)
Stömm: Mei Brudder huet mech am Bösch erschloen...
Gellend Stömmen: Mord! Bruddermord! O Schreck! Fort! Nömme Fort! Bruddermord! Bruddermord!(Stell an Instrumenter fâlen em. Mönschen lâfen erschreckt aus dem Sall)
Kinek(fihrt op): Ha, Verrôt!
Stömm: Huet mir arment Kand
Geholl d'Blumm aus der Hand.....
Kanzler:De Kinek! Alles em de Kinek!(D'Panik dauert,e we'neg vermindert,un.Dem Kinek entfällt den Zepter.)
Stömmen:Oh, den Zepter! - Kuckt d'Zepter!!
Kanzler:Kinek! Siéf e Mann!
Stömm: 't wir seng,wollt hié könne soen...
Vill Stömmen: Märder! Märder! - Kain! - Deng ége Schwöster!- Eis Prinzessin Dausendsche'n!(Bei dém Numm fällt dem Kinek d'Kr vum Kapp arollt op de Buedem)
Stömmen:D'Kro'n! D'Kro'n fällt! Gottesgerîcht!
Kinek:Mamm! - Mamm! - Jo, alles ass wo'er! Oh! -
Stömm: En huet mech geschloen am Schlôf - a we' hart!
E Graw opgewullt - mech önnergeschârrt....
Kinek(grell): Hâl op! - Hâl op! Oh, hir Aen! Bass du nach meng Mamm? - Hâl dach op!
Ritter:Niemols hält d'Flütt op.
Stömm: Mei Brudder a jongen Dôen...
(De Kinnek fällt vum Tro'n,leit jômernd om Buedem)
Kanzler:De Kinek! De Kinek! Ass da kén dén dem Kinek hölleft? Elende Pâk! - Kén? - Oh ! (Am Kronleuchter gin 2 Luchten aus
Stömm: Elo durch dei Mond
siéf et alle Kond.
Wöll Gott an de Mönschen et klôen.
(erem gin 2 Lûchten aus, 2 brennen nach) D'Kinigin geheit sech iwer hire Jong)
Kinigin:Mei Jong! - Mei Jong! .- Trotz allem mei Jong! Wurfir hues du dât gemâcht?(D' Kinek ste'st,während de' 2 lèscht Lûchte ausgin,den Do'deskrésch aus)
Kinigin(gro'ss):D'Kèrzen gin aus. - Mat him fällt mein Haus.- Zerbriécht d'Flütt,dir midd Hänn. - Do'd a Liéwen fannen se um Enn. -
Narr(un der Ramp):D'Liéwen ass e Wullen an en Harren,
Mä d'lèscht Wurt dât bleiwt dem Narren,
D'Liéwe get batter zo'bruecht
An um Enn gêt én an d'Lued geluegt.
D'Liéwen dauert blo's seng Zeit, Den Do't gét virun an E'wegkét.-Dem Liéwe rechte Sönn ze gin, Ass,ste'ts zum Do'd berédt ze sin.Den Do't mat schwe'erem Stempel,zerbrecht de Liéwenstempel.- Dât ass dem Narr sein philosphescht Exempel.

Vorhang. 9.5.53
HR

Preis: 1 Roll = 1o frs.
1o Rollen mat 1 mol Opfe'erongsrecht= 19o frs.
Musek derzo' gele'hnt = 1oo frs.